# Zesummenhalen

*Oppene Bréif un:*

- *de Sportminister Georges Mischo*
- *de COSL*
- *d'Sportsarméi*
- *den INAPS*
- *d'FLTT*

*An Zäite wéi dësen ass et wichteg „Zesummenzehalen".*

*Mir wenden eis mat dësem oppene Bréif un Iech an der Hoffnung, ee wichtege Bäitrag zur Weiderentwécklung a Festegung vun der Lëtzebuerger Sportszeen kënnen ze leeschten. Et huet fir eis déi gréisste Bedeitung, ee klore Fokus op d'Wäerter Zesummenhalt, Transparenz a Meenungsfräiheet ze leeën.*

*Mat wuessender Begeeschterung kënne mir den Engagement vun esou villen Institutiounen constatéieren, déi mat Läif a Séil all Chance ergräife fir de Progrès vun der Lëtzebuerger Sportszeen ze ferderen an ze developpéieren.*
*E Sportsministère, deen ëmmer nees finanziell Férderung fir d'Sportverbänn garantéiert an esou, bei all Geleeënheet, den Athlet a säi Bienêtre an de Fokus stellt. E COSL, dee mam Konzept „Team Lëtzebuerg" eng eenheetlech Equipe forméiert a presentéiert, fir den Zesummenhalt federatiounsiwwergräifend festzeleeën an eng gemeinsam Front ze festegen. Den INAPS, deen duerch Formatiounen d'Qualitéit a Quantitéit un Traineren, administrativem Personal an Benevolle garantéiert. D'Sportsarméi, déi den Athleten d'Méiglechkeet gëtt, finanziell ofgeséchert ze si fir de Fokus integral op de Sport kënnen ze setzen.*

*All dës Efforte ginn ënnergruewen an an de Schiet gestallt, wann eng Institutioun aus der Rei danzt an ufänkt Selbstjustiz ze praktizéieren. All dës Beméiunge ginn zugronn, wann eng Federatioun keng Kritik, keng eege Meenung, keng Verbesserungsvirschléi vu sengen Athleten zouléisst.*

*Leider musse mir constatéieren, dass eis Athleten sech an dëser Situatioun aleng net schütze kënnen. Dëst ass konkret de Fall an der Affär Sarah De Nutte, wou een ëffentleche Blâme vun der FLTT ausgeschwat gouf, nodeems d'Héichleechtungssportlerin no den olympesche Spiller eng Kritik a puncto Fele vu Kommunikatioun a Vertrauen an de Verband ugeet, geäussert huet, déi als Zil hat, d'Koordinatioun an d'Transparenz zwëscht externen an internen Traineren ze verbesseren.*

*An dësem Kontext musse mir och drop hiweisen, dass dëst Behuele vun der FLTT kee Präzedenzfall ass. Duerch widderholl Feeltrëtter vun der aktueller Féierung vum Verband huet eng grouss Unzuel u Spiller, ënner anerem den Eric Glod der Federatioun a soumat dem Sport de Réck gedréint. Mir bedaueren dës zuelräich Incidenten, well se net nëmmen de Sport an e schlecht Liicht réckelt, mee och den Progrès blockéieren.*

*D'Fro ass nët ob esou e Fall erëm virkënnt, mee d'Fro ass wéini et geschitt a wien et trefft?*

*Fir dass de Progrès vum Lëtzebuerger Sport net stëllsteet, mussen eis Athleten d'Assurance an d'Méiglechkeet hunn, konstruktiv Kritiken, Besoinen a Verbesserungsvirschléi dierfen ze äusseren, ouni a permanenter Begleedung vun Angscht ze sinn, dofir sanktionéiert kënnen ze ginn.*

*An engem Land, an deem Meenungsfräiheet als Grondrecht consideréiert gëtt, muss dëst Grondrecht och à tout prix protegéiert ginn, fir d'Transparenz, den Zesummenhalt an d'Integritéit vun der Lëtzebuerger Sportszeen ze garantéieren.*

*Mam Blâme un d'Sarah De Nutte huet de Verband sech selwer am meeschte geschuet, wéi och dem Bild vum Lëtzebuerger Dëschtennis no baussen.*

*Mat sportlechem Respekt,*

*Lëtzebuerger SportlerInnen & Ex-SportlerInnen*

| | |
|---|---|
| *Mike Bast, Dëschtennis*<br>*Traian Ciociu, Dëschtennis*<br>*Jim Cloos, Dëschtennis*<br>*Mario Della Schiava, Dëschtennis*<br>*Carlo Feltes, Dëschtennis*<br>*Steve Fogen, Velo*<br>*Flavio Giannotte, Fechten*<br>*Louis Gira, Dëschtennis*<br>*Eric Glod, Dëschtennis*<br>*Simone Haan, Dëschtennis*<br>*Tom Habscheid, Liichtathletik*<br>*Julien Henx, Schwammen*<br>*Tom Hoffmann, Dëschtennis*<br>*David Jachec, Dëschtennis*<br>*Christian Kill, Dëschtennis*<br>*Pit Klein, Bouschéissen*<br>*Danielle Konsbruck, Dëschtennis*<br>*Joël Kox, Dëschtennis* | *Roby Langers, Fussball*<br>*Gilles Michely,Dëschtennis*<br>*Luc Michely, Dëschtennis*<br>*Steve Nothum, Schéissen*<br>*Jérôme Raison, Dëschtennis*<br>*Jil Reimen, Dëschtennis*<br>*Davy David Rocha, Basket*<br>*Christian Schaus, Dëschtennis*<br>*Vinita Schlink, Dëschtennis*<br>*Mariya Shkolna, Bouschéissen*<br>*Julien Stürmer, Dëschtennis*<br>*Egle Tamasauskaite, Dëschtennis*<br>*Louis Van Wambeke, Dëschtennis*<br>*Timo Wagner, Dëschtennis*<br>*Jenny Warling, Karate*<br>*Daniel Wintersdorff, Dëschtennis*<br>*Ronny Zeimes, Dëschtennis* |